

6. Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar

Exposé : M. Laurent Mosar

7. 8200 – Projet de loi relative au réaménagement et au remplacement de l'ensemble des infrastructures du camp militaire à Waldhof

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Luc Emering

Discussion générale : M. Charel Weiler | Mme Claire Delcourt | M. Jeff Engelen | M. Meris Sehovic | M. Marc Goergen | M. David Wagner

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8200 et dispense du second vote constitutionnel

8. 8263 – Projet de loi relative aux mesures de confortement du barrage du lac de la Haute-Sûre

Rapport de la commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Gusti Graas (interventions de M. Fernand Etgen, M. Sven Clement et M. André Bauler)

Discussion générale : M. Emile Eicher | M. Yves Cruchten | M. Jeff Engelen | M. Meris Sehovic | M. Ben Polidori | M. David Wagner

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8263 et dispense du second vote constitutionnel

9. 8264 – Projet de loi relative à la construction et à l'équipement d'un bâtiment abritant une auberge de jeunesse et une structure administrative multifonctionnelle au pôle d'échange multimodal à Ettelbruck

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Fernand Etgen (intervention de M. Sven Clement)

Discussion générale : M. Charel Weiler | M. Yves Cruchten (intervention de M. Sven Clement) | M. Jeff Engelen | M. Meris Sehovic | M. Ben Polidori | M. David Wagner

p. 22

p. 23

p. 25

p. 28

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8264 et dispense du second vote constitutionnel

10. 8283 – Projet de loi relative à l'adaptation du projet de construction relatif à l'aménagement du Boulevard Raiffeisen et du Boulevard Kockelscheuer dans le cadre de la construction du réseau routier du Ban de Gasperich

p. 31

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Corinne Cahen

Discussion générale : M. Paul Galles | M. Yves Cruchten | M. Jeff Engelen | M. Meris Sehovic | M. Marc Goergen | M. David Wagner

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8283 et dispense du second vote constitutionnel

11. 8323 – Projet de loi relative au réaménagement et au remplacement de l'ensemble des infrastructures du champ de tir au Bleesdall

p. 32

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : M. Fernand Etgen

Discussion générale : M. Charel Weiler | Mme Claire Delcourt | M. Jeff Engelen | M. Meris Sehovic | M. Marc Goergen | M. David Wagner

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8323 et dispense du second vote constitutionnel

Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président

Au banc du Gouvernement : Mme Yuriko Backes et M. Léon Gloden, Ministres

(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Léon Gloden, Ministre | Nee, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Dat ass net de Fall.

2. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Francine Closener

Dann hunn ech eng Wuertmeldung vun der Madamm Closener fir den Depot vun enger Proposition de loi. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

Mme Francine Closener (LSAP), coauteure | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Numm vun der LSAP-Fraktioun géif ech gären dës Proposition de loi deposéiere vu mengem Kolleeg Dan Biancalana a vu mir selwer iwwer Cyberharcelement oder och nach Cybermobbing. Voilà.

8385 – Proposition de loi modifiant le Code pénal aux fins de sanctionner le harcèlement moral numérique (« cyberharcèlement »)

M. Claude Wiseler, Président | Merci.

Mme Francine Closener (LSAP), coauteure | De Phenomeen, dat wësst Der, hëlt ëmmer méi zou. Bettraff sinn dacks eeler Leit, dacks Fraen, awer besonnesch

natierlech vill Kanner a Jugendlecher. Ee vu fënnf Teenager am Alter tëscht 12 a 16 Joer zu Lëtzebuerg war schonn eng Kéier Affer vu Cybermobbing, mat allem, wat dat u Konsequenze kann hunn, bis zu Depressionen a Suicideversich. Et ass fir eis als LSAP ganz evident, datt méi fir de Schutz vun den Internetbenotzer muss gemaach ginn.

(Brouhaha)

Wann ech Iech net stéieren ... Ok, da géif ech weiderfueren.

An duerfir proposéiere mer, datt mer de Cyberharcelement, also d'Harcelementer am Netz, déi kee Stalking sinn, als eegestänneg strofbaart Vergoen, als Delikt, an eise Code pénal integréieren. Domadder, also mat engem eegenen Artikel, gëtt vill méi kloer, datt Cybermobbing strofbar ass, kee Kavaliersdelikt ass. Dat huet sonner Zweifel eng ofschreckend Wierkung op potenziell Täter. Mir vermëttelen als Legislatuer awer den Affer och domadder, datt mer se eescht huelen, datt mer weeder banaliséieren oder bagatelliséieren, wat si erlieft hunn. Dat legaalt Arsenal fir d'Justice gëtt natierlech och verstärkt an d'Affer kréien et méi einfach gemaach, sech ze wieren, net nëmmen, wa se Plainte deposéieren, mee och fir sech als Victime vu Cyberharcelement ze identifizéieren a sech viru Geriicht ze verdeedegen.

Mir hunn eis hei ënner anerem u Frankräich inspiréiert, wou et eng ganz Sektoun am Code pénal gëtt zu deene verschiddenen Zorte vun Harcelementer. An ausserdeem wëlle mer eeben, dass e klore Ënnerscheed an Zukunft gemaach gëtt zum Stalking. Dat ass haut an eise Code pénal net de Fall.

Här President, d'Justizministesch, déi jo och delegéiert Medieministesch ass, wëll jo de Code pénal am Summer – virum Summer souguer nach – reforméieren. Si ass asiichteg a wëll jo déi einfach Heescherei eraushuelen. Ech si ganz sécher, si wäert och mierken, datt den Digital Services Act absolutt net duergeet, fir de Cybermobbing ze stoppen, well dee viséiert jo d'Plattformen, dee viséiert net onbedéngt d'Auteuren. A wann de Code pénal jo souwisou reforméiert gëtt, da geet dat hei jo eigentlech an engems.

An där leschter Legislatur huet sech d'CSV, besonnesch de Kolleeg Marc Spautz, ëmmer ganz vill Suerge gemaach iwwert de Cybermobbing – zu Recht. Absolutt zu Recht, Här Spautz. An duerfir wier et jo dann och ganz logesch, wann dës Proposition den Accord vun der CSV an och vun anere Parteie géif fannen ...

(Interruption par M. Marc Spautz)

... nom Motto: „Lasst den Worten Taten folgen!“

Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Closener.

3. 8304 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

An da komme mer zum éischte Punkt vun eise Ordre du jour vun haut de Mëtten. Dat ass de Projet de loi 8304, d'Emsetze vun enger europäescher Direktiv iwwert d'Entrée an d'Openhaltskonditiounen

vun héich qualifizéierte Staatsbierger aus Drëttlänner. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: 10 Minutte fir de Rapport, 5 Minutte fir all Fraktioun an all Sensibilitéit, 10 Minutte fir d'Regierung. Ageschriwwen hu sech: den Här Gusty Graas, den Här Dan Biancalana, den Här Fernand Kartheiser, den Här Meris Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet, den hono- rabelen Här Marc Lies.

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

M. Marc Lies (CSV), rapporteur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet, em deen et hei geet, ass drop ausgeluecht, Dispositiounen vum der Carte bleue européenne nei auszeleeën. Ech mengen, mir allegueren wëssen, datt dës e ganz, ganz wichteg Projet ass, fir den heemeschen Aarbechtsmaart méi interessant ze maache fir héich qualifizéiert Leit, déi aus Net-EU-Memberstaaten kommen. An duerfir, wéi gesot, ass dës e wichtegen Text.

Konkreet ginn dofir verschidden Elementer aus der Direktiv 2021/1883 zu de Konditiounen fir eng Arees oder en Openhalt vu Persounen aus Drëttstaaten am Kader vun der Ausübung vun enger héich qualifizierter Beschäftegung op EU-Territoire vereinfacht. Dofir änneren mir als Lëtzebuerg eist Gesetz vum August 2008 zur Libre circulation des personnes et l'immigration.

De Projet de loi 8304, iwwert dee mir haut schwätzen, ass den 30. August 2023 vum deemolege Minister fir d'Immigratioun deposéiert ginn. Nodeems de Staatsrot am Februar 2024 säin éischten Avis ofginn huet, sinn ech zum Rapporteur ernannt ginn an den 12. Mäerz konnten Adaptatiounen sous forme vun Amendements parlementaires gemaach ginn. De finale Rapport ass de 17. Abrëll 2024 an der Interieurskommission ugeholl ginn.

Well Lëtzebuerg nieft 16 aneren EU-Memberstaaten bis den 18. November 2023 der Europäescher Kommission nach keng konkreet Mesüre kommunizéiert hat, wéi mir d'Direktiv géifen transposéieren, huet d'Kommission eng Procédure d'infraction géint eist Land lancéiert. Dofir gëllt et elo, déi nei Dispositiounen zu der Carte bleue an eist Gesetz opzehuelen.

Em wat geet et am Text vun der EU-Direktiv a wat än- nert sech? Punkt eent: Fir d'éischt ginn déi al Dispositiounen vum der Carte bleue aktualiséiert a vereinfacht, andeems de Champ d'application ausgeweit gëtt.

Punkt zwee: Da ginn d'Konditiounen fir eng Zouloosung vun enger Carte bleue méi flexibel gestalt, virun allem, wat de Seuil vum Mindestloun an d'Dauer vun engem noweisbaren Aarbechtskontrakt ugeet.

Punkt dräi: D'Rechter vun den Detenteuren vun enger Carte bleue gi gestärkt.

Punkt véier: D'Direktiv gesäit och méi favorabel Konditiounen am Kader vum Regroupement familial vir.

Punkt fënnef: D'innereuropäesch Mobilitéit, déi d'Méiglechkeet virgesäit, an aner EU-Memberstaaten ze reesen an do ze schaffen, kuerz- wéi och laangfristeg, gëtt verbessert.

Mat dëser Direktiv gëtt sech virun allem erhofft, dem Mangel u qualifiziertem Personal an der EU entgéintzewierken an e gezielte Kader fir déi legal Migratioun an der EU en place ze setzen.

Elo zum Detail: Wat ass am Projet de loi 8304 konkreet virgesinn? De Champ d'application vum Gesetz vum 29. August 2008 gëtt esou ausgeweit, dass ee mat der Carte bleue e Recht op eng Arees op beziéungsweis en Openhalt zu Lëtzebuerg huet

zum Zweck vun der Ausübung vun enger Aarbecht fir eng Dauer vun 90 Deeg op en Zäitraum vun 180 Deeg gekuckt. Dësen Titre de séjour vereinfacht déi ganz Prozedur, fir en definitive Visa ze kréien. Et ass och esou, dass d'Beneficiaires vun enger Protection internationale, d'BPIen, net méi ausgeschloss sinn, sou wéi dat virdrun de Fall war. Ëmmer nach net an de Champ d'application falen awer d'Demandeurs vun enger Protection internationale, d'DPIen, souwéi och d'Beneficiaires vun enger Protection temporaire, d'BPten.

D'Rechter vu Leit, déi eng Carte bleue européenne hunn a soumat e gëllegen Titre de séjour, ginn heimat gestärkt. An zwar kann en Titre de séjour elo net méi einfach entzu ginn, wann eng Persoun dräi Méint noeneen am Chômage ass, mee just wann et dräi Méint an engem Zäitraum vun zwee Joer oder man- ner sinn. Dat selwecht gëllt, wann déi concernéiert Persoun zanter sechs Méint am Chômage ass, an dat, wa se zënter zwee Joer d'Carte bleue huet. No zwielef Méint, am plaz vu virdrun zwee Joer, ass et dann esou, dass den Titulaire vun enger Carte bleue onbegrenz- ten Zougang zum Aarbechtsmaart an der EU kritt.

Wat de Regroupement familial betrëfft, gesäit dës Projet de loi keng speziell Mesüre fir d'Familljemem- bere vun engem Detenteur vun enger Carte bleue vir. Dat huet awer folgende Grond: Vu dass d'EU- Direktiv hei fräiwëlleg Dispositiounen virgesäit a mir an eistem Gesetz vum 7. August 2023 schonns eng Modifikatioun an deem Sënn um Gesetz vum 2008 virgeholl hunn, gesäit eist Gesetz elo scho vir, dass all Drëttstaatsugehéierege mat engem gëllegen „titre de séjour en qualité de membre de la famille“ hei schaffen dierf.

Ännerunge sinn och un der Mobilité intraeuropéenne virgesinn. Fir dës méi attraktiv ze gestalten, kënnen Persounen, déi eng Carte bleue hunn, kuerzfristeg an engem Zäitraum vun 180 Deeg 90 Deeg an engem aneren EU-Land schaffen, oder awer laangfristeg, dat heescht no 12 Méint, am plaz aktuell 18, an en anert EU-Land reesen, fir do ze schaffen.

Et sinn awer och vereenzelt fakultativ Dispositiounen aus der Direktiv net ëmgesat ginn. Dat ass emol den Artikel 5 mam Begrëff „d'offre ferme pour un emploi hautement qualifié“, well weeder an eiser Gesetzgebung nach an der EU-Direktiv genau de- finéiert ass, wat hei gemeint ass, an den Artikel 13 vun der EU-Direktiv iwwert d'Procédures d'agrément vum Employeur. Vu dass et sech hei ëm en immens technesche Mechanismus handelt, deen a senger Komplexitéit eng kloer Definitioun mat objektive Konditiounen a Krittäre voraussetzt, souwéi awer och eng Definitioun vun de Moyens de preuve, de Sank- tiounen am Fall vum Netanhale an aner Prezisiounen bräicht, géife mer hei eng Charge administrative kreéieren, déi disproportionéiert ass par rapport zu der Demande.

Aus dësen zwee Grënn sinn déi zwee genannte fakul- tativ Artikelen net tel quel ëmgesat ginn.

D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis de Projet de loi de 7. Februar 2024 dann och begreist, notament wat d'Lockerunge bei den Zouloos- ungskrittäre betrëfft. Si begreist och, dass de Parallelsystem vun Titre de séjour a Cartes bleues européennes erhalte bleift. Méi negativ gesäit d'Chambre de Commerce awer, dass net virgesinn ass, datt den Employeur kann eng Demande fir eng Carte bleue erreechen, souwéi och, dass de Statut vum „employeur agréé“ net virgesinn ass.

De Staatsrot huet a sengem éischten Avis vum 6. Februar 2024 dräi Oppositions formelles gehat, ënner anerem zum Champ d'application an de

Ressortissants de pays tiers, déi op eng Decisioun waarden zu hiren Demande op Schutz, den DPIen, déi jo kloer ausgeschloss si laut der Direktiv. De Staatsrot hat hei eng aner Interpretatioun vum Text vum Projet de loi.

A sengem Avis complémentaire vum 29. Mäerz 2024, deen opgrond vun enger Série d'amendements parle- mentaires vum 12. Mäerz 2024 ausgeschafft ginn ass, weist de Staatsrot sech averstane mam Text.

Sou vill zum Rapport vum Projet de loi 8304, dee mir haut stëmme wäerten, an elo kommen ech zu mengem politesche Commentaire.

Discussion générale

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Carte bleue européenne ass effektiv schonns mam Vertrag vu Lissabon an der EU agefouert ginn. Si ass en Titre de séjour, deen drop ausgeluecht ass, qualifizéiert Personal unzezielen an dës Leit en Accès op den EU-Aarbechtsmaart ze ginn. D'Zil dovun ass et, dem Mangel un héich spezialiséiertem Personal an der EU entgéintzewierken an et dem Employé méi einfach ze maachen, sech an engem anere Land néierzeloos- sen. Souzeseen ass d'Blue Card, Carte bleue oder och Blaue Karte genannt, vergläichbar mam amerikane- sche System vun der Greencard.

D'Unzuel vun Titulairé vun enger Carte bleue euro- péenne variéiert staark vu Land zu Land, ass awer generell schwach an absoluten Zuelen. Esou ass Däitschland bei Wäitem dat Land, dat déi meeschte Blue Cards ausstellt. Bis dato war et esou, dass sech vill Employeuren an Demandeuren iwwert d'Komplexitéit vun der Prozedur, fir esou eng Kaart unzefroe respektiv eng Persoun mat Carte bleue an- zustellen, beschwéiert hunn. Liest ee sech déi ganz Demarche op guichet.lu duerch, esou fällt engem dat och séier op. Mat dësem Projet de loi erhoffe mir eis dofir, eng Simplification administrative ze erreechen an d'Carte bleue méi attraktiv ze gestalten, andeems d'Faiblesse vum System, wéi se bis elo do waren, erausgeholl ginn.

Am Kader vum Budgetsrapport hat d'CSV-Spreecherin Diane Aehm schonn op d'Talentattraction verwisen. Ma grad déi kënnen mer mat der Carte bleue fërde- ren. Gebraucht ginn nämlech spezialiséiert Leit, virun allem am Beräich vun den ICT-Beruffer, Informa- tiouns- a Kommunikatiounstechnologien, souwéi am E-Commerce. D'Zuele betreffend déi effektiv Demande louchen am Joer 2023 bei 787 a bis elo fir d'Joer 2024 bei ongeféier 575 Demanden, fir eng Carte bleue européenne hei zu Lëtzebuerg ze kréien.

Mir begreissen dofir, datt d'Prozedur weesentlech vereinfacht gëtt an datt de Champ d'application aus- geweit gëtt. Souwisou si mer der Meinung, datt et wichteg ass, datt een e Gesetz wéi dat zu der Carte bleue européenne reegelméisseg evaluéiere muss an et un de Maart, spréich eis Wirtschaft a Gesellschaft, ugepasst muss ginn.

Och ass et esou, datt d'Situatioun vun der weltwä- ter Migratioun, awer ganz besonnesch an Europa a soumat och zu Lëtzebuerg, iwwert déi lescht Jore fundamental geännert huet. Ëmmer méi Leit schaffen a liewen net méi an hirem ursprüngeleche Gebuerts- land, dofir ass d'Erweiterung vum Champ d'applica- tion vun der Carte bleue op Beneficiaires vun enger Protection internationale, BPI, fir eis e ganz wichte- gen a richtige Schrëtt.

Déi méi flexibel Zouloosungskrittäre weisen sech ëmmer erëm dodran, dass en Aarbechtskontrakt elo net méi ee Joer al muss sinn, mee sechs Méint ginn och duer. Dat ass eiser Meinung no dem aktuellen Aarbechtsmaart ugepasst, geneesou wéi och den

onbegrenzten Zougang zum Aarbechtsmaart no zwielef Méint.

Wat elo d'Mobilité intraeuropéenne ugeet, esou gesäit d'Direktiv vir, dass, wann een eng Carte bleue européenne an engem anere Memberstaat vun der EU kritt an awer wëll zu Lëtzebuerg schaffe sous forme vun engem Long séjour, een dofir theoreetesch 30 Deeg waarde misst ab Erhale vun der Kaart. Mir hunn do awer méi favorabel Konditiounen an eisem Gesetz virgesinn a soen, dass den Titulaire vun enger Carte bleue direkt ka schaffe goen, wann e seng Kaart kritt, ouni 30 Deeg waarden ze mussen.

Virun e puer Wochen huet d'Europaparlament mat sengem positive Vott zum EU-Migrationspakk de Wee fräigemaach fir eng final Adoptioun, déi dann och elo geschitt ass. Ech wëll op dëser Plaz och ënnersträichen, dass mir dës Vott begrëssen a frou sinn, dass no méi wéi siwe Joer Negociatiounen zum EU-Migrations- an Asylpakk de Wee endlech fräi ass.

D'EU brauch eng responsabel Migrationspolitik am Respekt vun op där enger Säit der Protektioun vun den EU-Baussegrenzen an der Solidaritéit tëscht de Memberstaaten an op där anerer Säit dem Schutz vun humanitäre Standarden an de Mënscherechter.

Mir gesinn an dësem Mesürepak eng gutt Balance tëscht der Auslaaschtung vun eise Capacitéiten an dem Respekt vun eise Grondrechter, besonnesch fir schutzbedürfteg Persounen. Et ass déi Form vu responsabeler Migrationspolitik, déi mir zu Lëtzebuerg an an der EU brauchen. An dofir bleift mir nach just ze soen, dass mir als CSV-Fraktioun dëse Projet de loi zu de Cartes bleues européennes begrëssen an ech soumat och den Accord vu menger Fraktioun ka ginn.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi schréfftlechen a fir säi mündlechen Rapport. En huet seng Riedezäit an e groussen Deel vun där vun der CSV gebraucht. Dofir déi llicht Iwwerschreidung, déi am Fong an deem Fall keng war. Dann huele mer als nächste Riedner den Här Gusty Graas. An den Här Graas huet d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. Lëtzebuerg huet jo u sech eng grouss Traditioun, wat d'Awanderung ubelaangt. 1871 hate mer 5.872 Auslänner, déi hei zu Lëtzebuerg gewunnt hunn. Zënter dem 19. Joerhonnert muss ee soen op all Fall, dass d'Migrationszuele staark an d'Luucht ginn. An den 20er-Joren, also vum leschte Joerhonnert, du war den Undeel vun den auslännesche Matburger vun 33.000 am Joer 1922 op 56.000 am Joer 1930 geklomm. Gréisstendeels koumen déi Leit natierlech aus wirtschaftlechen Ursachen bei eis, haaptsächlech déi Däitsch an duerno d'Italieener a virun allem natierlech d'Portugisen, déi dunno an enger drëtter sougenannter Well op Lëtzebuerg komm sinn. A laut dem Statec vum Joer 2023 waren et 313.400 Netlëtzeburger, déi hei zu Lëtzebuerg gewunnt hunn. Dat si 47,4 % vun eiser Populatioun insgesamt, déi sech de Moment op 680.000 bis 670.000 Awunner beleeft. D'Hauptcommunautéit, dat sinn d'Portugisen. Dat heescht et kann ee bal soen: All sechste Resident hei zu Lëtzebuerg ass e Portugis.

Eppes muss ee ganz kloer soen: Wat wier dat Land hei ouni dee staarken Apport vun Netlëtzeburger, déi an all deene Joerzénge an eist Land komm sinn an hei wäertvoll Aarbecht ouni Zweifel geleescht hunn? Zwëschent Migratioun an Ekonomie besteet natierlech och eng direkt Relatioun. Engersäits sinn natierlech ganz vill Leit, déi hiert Land verlossen

aus wirtschaftleche Grënn, an dofir ass et och richtig, dass e Land wéi Lëtzebuerg, dat eng ganz staark Ekonomie huet, d'Dieren opmécht, fir am Fong geholl esou Leit och bei sech opzehuelen. An et ass jo ganz kloer – an dat ass och aus dem Rapport vum Marc Lies hei ervirgaangen, deen dat jo och exemplaresch a ganz gutt hei presentéiert huet –, dass dat Land hei eben och op Fachkräften ugewisen ass.

Ech wëll drop hiweisen, dass och schonn um europäesche Plang dat esou erkannt ginn ass, a maachen hei eng Referenz op de Programm vu La Haye aus dem Joer 2004. D'Migratioun ass ouni Zweifel scho laang keen nationale Sujet méi. Dat ass och gutt esou an dat beweist jo och erëm eng Kéier, dass et wichtig ass, dass mer eng Europäesch Unioun hunn. An och dëst Gesetz gëtt dréit am Fong Rechnung. Et ass jo u sech awer eng Initiativ, déi um europäesche Plang gebuer ginn ass an déi mer esou nëmme kënnen ënnerstëtzen. An nach eng Kéier: Wat wier eist Land, wa mer, wéi gesot, net op auslännesch Main-d'oeuvre kéinten zrëckgräifen?

D'Carte bleue, ëm déi et dann haut méi prezis geet, ass e ganz wichtige Sujet. Hei geet et jo am Fong geholl drëm, fir eng Autorisatioun fir déi Leit, déi qualifizéiert Fachkräften duerstellen ..., fir déi eben ënner méi vereinfachte Konditiounen kënnen an d'Land unzeéien. A mir brauchen dat an enger Rei vu wirtschaftleche Secteuren. Dat ass hei jo och scho genannt ginn. Ech verweisen nach eng Kéier zum Beispill op d'technesch Beräicher, d'Logistik, awer och den Tourismus, do, wou mer u sech och fachqualifizéiert Personal brauchen. Duerfir gesi mir als Demokratesch Partei hei eng ganz realistesch Approche, eng ganz gutt Approche, a mir kënnen op alle Fall déi doten Attitüd nëmme ënnerstëtzen.

Mat deem Gesetz hei kommen natierlech eng ganz Rei Vereinfachungen, op déi ech elo net méi wëll weider am Detail agoen. Vläch awer zwou Saachen, déi fir eis awer net onweesentlech sinn: Dat Éischt ass natierlech d'Recht op Aarbecht an engem oder méi EU-Staate fir 90 Deeg an enger Period vun 180 Deeg ouni Aarbechtsgeneemegung. Dat ass also e ganz weesentleche Fortschritt.

Dann nach vläch en zweete Punkt: Wann een also während 12 Méint eng Openthaltseneemegung huet an der EU, fréier waren dat 18 Méint, da kann een elo an all EU-Land schaffe goen. Dat ass also eng gréisser Flexibilitéit. Dat ass e wichtige Interchange ënner deene verschiddenen EU-Länner an ech mengen, wann een hei mat Leit aus de verschidene Secteuren schwätzt, da weess een, dass et och en akute Besoin gëtt, et hei an do u Fachpersonal feelt. Hei gëtt am Fong geholl elo d'Méiglechkeet geschafen, dass een deem och kann da Rechnung droen. Ech géif och soen: Dat hei ass u sech och e wichtegt Element vum europäesche Bannemaart.

Et sinn natierlech eng Rei Artikelen, déi natierlech Spillraum loosse fir gewëssen Interpretatiounen, ouni elo am Detail dorop anzegoen. Ech huelen awer just den Artikel 45j (veuillez lire: den Artikel 45 (2) j). Do gëtt zum Beispill duergestallt, wat mer ënner Activité professionnelle verstinn. Do kann ee sech natierlech vill Gedanken driwwer maachen, mee ech ginn awer dovun aus, dass den Arbitraire hei awer net onbedéngt ëmmer wäert entscheidend si bei deem, wat een ënner Activité professionnelle versteet.

Ech wëll vläch ofschléissend soen, Här Minister, ...

(Interruptions)

... et wier vläch gutt, wann een awer géing an een, zwee Joer emol e Bilan maachen, dass och mir als Parlament, deem et jo awer oft u verlässlechen Zuele vläch feelt, géinge matgedeelt kréien: Wat bréngt

déi Neierung do? Wat huet dat der Ekonomie hei zu Lëtzebuerg bruecht? An deem Sënn awer, wéi gesot, sti mir als Demokratesch Partei selbstverständlech hannert deem Gesetz hei a wäerten et och matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Graas. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Dan Biancalana. Här Biancalana.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Awanderung ass eng Chance fir eis Gesellschaft an Europa an och hei zu Lëtzebuerg. An d'Awanderung huet Lëtzebuerg iwwer Joerzénge gepräagt an huet eis och eng eenzegaarteg Positioun an Europa ginn, wat den Awanderungsundeel och deementspriedend ass. An dofir begrësse mer insgesamt ganz ausdrécklech dës Gesetzesprojet, deen nach vum viregten Här Ausseminister Jean Asselborn an der viregter Regierung deposéiert gouf.

Et geet jo hei ëm déi Blo Kaart, am Fong de Pendant zu der amerikanescher Green Card, déi engem vläch am Fong och méi geleeft ass. An déi Blo Kaart ass, an et ass virun och schonn ugeklongen, allerdéngs keng nei Iddi. Si gouf schonn 2009 eng éischte Kéier duerch eng Direktiv agefouert an deemools schonn awer, dass muss ee sech eng Kéier virun Ae féieren, mat den Ziler, legal Migrationsweeër ze schafen, den Accès zu bestëmmte Sozialrechter a sozialen Ofsécherungen ze erméiglechen, Famillje méi einfach zesummenzeféieren an och eng Perspektiv fir en dauerhaften a legalen Openthalt hei an Europa ze bidden. Gläichzäitig huet awer och déi Blo Kaart dozou bäigedroen, dass eis Wirtschaft méi dynamesch engersäits an anerersäits och méi wettbewerbsfäeg ginn ass. A laangfristeg suerge mir awer och domadder fir e bessert Zesummeliwen a fir e bessere sozialen Zesammenhalt an eiser Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg, an, ech mengen, och dat sinn Elementer vun der sozialer Kohäsioun, déi eis insgesamt an dësem Land jo och ganz wichtig sinn an op déi mer och ganz houfreg sinn an déi mer och ëmmer an de Vierdergrond setzen, well se eis eng eenzegaarteg Positioun hei an Europa ginn.

D'Reegelen, fir an der Europäescher Unioun kënnen ze schaffen an ze wunnen, gi fir héichqualifizéiert Drëttstaatter méi soule duerch d'Adoptioun vun dësem Gesetz. Ausserdeem kréien dann och Salariéen, déi keng EU-Staatsbürgerschaft hunn, méi Rechter an d'Konditiounen fir de Regroupement familial ginn och verbessert. An, mengen ech, ee Punkt, deen een och hei kann ervirhiewen, dass ass am Fong d'Veinfache vun der Mobilitéit fir d'Leit mat enger Bloer Kaart an och hir Famill, wéi gesot, am Kader vum Regroupement familial. An och den Titulaire vun der Bloer Kaart dierf sech an engem oder méi Memberstaaten ophalen – ech mengen, dass ass och nei – an och do schaffen. An e brauch keng Aarbechtserlaubnis, wann en op eng Period vun 180 Deeg manner wéi 90 Deeg an engem aneren EU-Land wéi an deem, wou en d'Blo Kaart kritt huet, wëll schaffen.

Ech mengen, dass sinn Neierungen, déi sécherlech jo och zu enger Simplificatioun bäidroen, an no zwielef Méint Openthalt mat enger Memberschaf dierf een an engem anere Memberstaat wunnen a schaffe goen an et kann een an deem zweete Memberstaat och eng Blo Kaart ufroen. An an dësem Fall ass och de Regroupement familial méiglech. Ech mengen, dass sinn insgesamt lauter Mesüeren, Vereinfachungen, engersäits, déi stattfannen, mee déi awer souwuel de concernéierten Awanderer, et concernéiert dann och

Leit, déi dann do schaffen, wéi och eiser Wirtschaft an och eiser Gesellschaft zeguttkommen. An duerfir ginn ech och heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktion.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Biancalana. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, villmools merci. Nodeem mer sou vill ausgezechent Rieden héieren hunn, mengen ech, kann ee ganz kuerz vläicht op just zwee politesch Aspekter agoen, wat elo hei eigentlech dermat bewierkt gëtt.

Dat Éischt ass, datt dat hei eng Äntwert ass op eng Revendicatioun, déi ee ganz vill héiert, wa mer iwwer Migratioun schwätzen, an déi Revendicatioun ass, datt mer legal Weeër musse schafen, fir kënnen an Europa anzereesen. Et gëtt jo ëmmer gesot, mir hätten esou eng grouss Migratiounswell an esou weider, an dat kéint een awer léisen, dee Problem, mat legale Weeër. Ma dëst ass e legale Wee, wéi héichqualifizéiert Leit kënnen an d'Europäesch Unioun areesen an op eng ganz virdeelhaft Manéier dann och hei schaffen. Dat ass eng Äntwert op déi Revendicatioun, déi ëmmer virbruecht gëtt. Et ass och ze betounen, datt hei ausdrécklech gesot gëtt, datt d'Demandeurs de protection internationale (veuillez lire: d'Bénéficiaires de protection internationale) och an deem Scope sinn an heidrënner falen. Dat ass ganz wichteg, mengen ech, an aner Riedner hunn dat och scho betount, soudatt eigentlech déi politesch Debatt da lo kann anescht geféiert gi wéi bis elo, well dat hei eeben e legale Wee ass, dee mer kënnen offréieren.

En zweete Kommentar ass: Wat musse mer da maachen, fir héich qualifizéiert Leit dann och op Lëtzebuerg ze kréien? D'Chambre de Commerce huet an hirem Avis e ganz interessante Constat gemaach. Do gëtt et eng Etüd, World Talent Ranking, an do ass eist Land, wat d'Attraktivitéit ugeet fir Talenter, op Position 55 vu 64 Staaten. Dat ass net vill an do kënnen mer eis nach dätlich verbessern. Et geet elo also net duer, datt mer de Leit, héich qualifizéierte Leit erlaben, legal an d'Europäesch Unioun anzereesen, fir hei kënnen ze schaffen, mat enger besserer Familienzusammenführung an esou weider, mee mir musse se och nach op Lëtzebuerg kréien, fir hei och da kënnen zum géigesäitege Profit vun hinnen a vun eis dann déi Talenter ze notzen. An do stelle sech Froen: Wat kënnen mer da maachen, steierlech an op anere Pläng, fir déi Talenter op Lëtzebuerg ze kréien? An dat ass och en Defi, dee mer mussen hunn.

D'Chambre de Commerce hat och déi Fro opgeworf vum Employeur agréé. Den Här Lies ass dorobber agaangen. Mir mussen dat am A behalen, ob do wierklech eng Demande an deenen nächste Joren awer ass, ob déi Fuerderung vun der Chambre de Commerce bestoe bleift, wéi sech dat entwéckelt. Well mir mussen einfach ganz realistesch un déi Saach erugeen. Mir sinn an enger schwiereger ekonomescher Situatioun, a wann esou Dispositiounen eis wierklech kéinte virunhëlfen, da sollte mer vläicht och envisagéieren, dat ze maachen, wat d'Chambre de Commerce eis an deem Kontext réit.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | D'ADR ass ganz zefridden, datt mer deen heite Wee fir eng legal Immigratioun schafen. Mir gesinn elo net direkt den Zusammenhang mat engem Migratiouns- an Asylpak, mee mir ënnerstëtzen dat hei ganz gär. Ech soen och dem Här Lies nach eng Kéier Merci fir säin Exposé.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Kartheiser. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Meris Sehic. Här Sehic, et ass un Tech.

M. Meris Sehic (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Blue-Card-Direktiv, déi u sech d'Basis ass vun där europäescher Bloer Kaart, iwwert déi mer haut schwätzen, besteet säit 2009 an ass e Regimm, fir héichqualifizéiert Mënschen an d'Europäesch Unioun eranzeloossen, fir dass se hei kënnen wunnen, fir dass se hei kënnen schaffen. Et muss ee bedauern eigentlech, dass et ee vun deene weinegen europäeschen Instrumenter ass, déi e legale Wee an d'europäesch Unioun bidden.

Leider huet sech erweisen an deene leschte Joren, dass de Regimm vun der Bloer Kaart, sou wéi e bis elo bestanen huet, onattraktiv ass an onpassend ass, fir Mënschen unzezéien a fir de Besoin vum europäeschen, voire och vum Lëtzebuerger Aarbechtsmarché gerecht ze ginn. Deelweis weinst restriktive Krittären, dat ass ganz kloer erauskomm, deelweis och, wéll ech awer och kloer soen, weinst konkurrierenden nationale Regimmen, vun deene mer der och zu Lëtzebuerg eng jett hunn. De Gros dovunner iwwergens am Beräich vun den héich qualifizéierten Aarbechtskräften, vun den héije Revenuen. Mir hunn e Regimm fir Investisseuren zum Beispill, fir Independanten an esou weider. An haut mam Gesetz stëmme mer u sech d'Transpositioun vun enger europäescher Direktiv a vu dass, Här President, den Europadag nach net esou laang hier ass an och elo nach eng Echeance eng Kéier usteet, erlaben ech mer awer e kuerzen Exkurs eng Kéier an d'europäesch Politik.

Fir déi Verbesserung vun der Direktiv ware mer säit 2016 ënnerwee. Mir hate vill Blocage um Niveau vun de Memberstaaten an, wéi et esou oft de Fall ass, en Europaparlament, dat sech mat enger méi ambitiöser Positioun awer konnt duerchsetzen. An domat ass d'Resultat och, dass déi nei Blue Card, och wa se vläicht nach net esou wäit geet, wéi mir Gréng eis dat am Ufank erhofft haten, wierklech eng weesentlech Verbesserung wäert duerstelle fir d'Rechter a fir d'Liewe vu ville Mënschen, déi an der Europäescher Unioun wunnen a schaffen.

No ville Jore Verhandlungen ass dat also e gudde Kompromëss an ech hoffen am Numm vun deene Gréng wierklech, dass dat doten eigentlech awer de Startpunkt ka si vu weideren Efforten. An domadder riichten ech mech net un den Här Minister hei, mee eigentlech un d'Europäesch Kommissioun an och d'Uwäerterinnen an Uwäerter op de Poste vun der Présidence, dass dat eigentlech just den Ufank ka si vu weidere Schrëtt, fir den EU-Acquis am Beräich vun der Aarbechtsmigratioun an der Legislatioun dovunner och weider ze stäerken, auszebauen an ze harmoniséieren. An deem Sënn ass de virleende Projet de loi natierlech ze begrëssen, well en eng bedeitend Vereinfachung vun de Prozeduren an och eng Ofsenkung vun de legalen an administrativen Hürden duerstellt, wann och – dat bleift ze bedauern – just fir e klengen Deel vun de Leit, déi nämlech, déi am héichqualifizéierten Beräich, am Beräich vun de ganz héije Salairé schaffen.

D'Carte bleue, ech hunn et gesot, ass eigentlech ee vu ville Regimmen am Lëtzebuerger Recht, déi am Kader vun der Aarbechtsmigratioun bestinn. Donieft gëtt et Regimmen, déi net aus der Transpositioun vun enger europäescher Direktiv stamen an also strictement lëtzebuergesch Regimmen sinn. Generell ass de Constat, dass d'Carte bleue an Europa weineg genotzt gëtt – dat ass vu menge Virriedner och scho gesot ginn – an och zu Lëtzebuerg eigentlech net esou vill genotzt ginn ass, wéi se hätt kënnen. D'Verbesserungen,

notamment bei der Mobilité interne a bei der Vereinfachung vum Accés, sinn natierlech ze begrëssen. Et bleift awer generell e Constat, dass d'Prozeduren an deem Beräich, och am Beräich vun deenen anere Regimmen, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn, ëmmer nach ze schwéierfällg an ze laangwiereg sinn, wat oft verhënnert, dass qualifizéiert Leit, déi hei eigentlech gebraucht ginn, déi hei schaffen wëllen, tatsächlech awer an déi Positioun kommen, fir hei kënnen ze schaffen. Dat gëllt fir de Regimm vun der Carte bleue – ech hunn et gesot, do wäerte mer haut eng ganz Rei vu Verbesserungen duerchkréien –, dat gëllt awer och fir all déi aner Regimmen, wou ech och den zoustännegen Minister härezech invitéieren, fir déi och emol ganz dréngend alleguerten op de Leescht ze huelen.

An an deem Sënn, Här President, deposéieren ech zwou Motiounen mat der Ënnerstëtzung vun de Kolleeginnen a Kolleegen vun der LSAP a vun de Lénken, op déi ech dann duerno jo nach eng Kéier duerf agoen.

Motion 1

« relative à la simplification et à la digitalisation des démarches dans le domaine de l'immigration professionnelle de ressortissant.e.s de pays tiers »

La Chambre des Députés,

considérant

– que le Luxembourg, pays d'immigration, profite énormément de l'immigration ;

– la pénurie de main-d'œuvre et le vieillissement de la population ;

– que le manque de talents constitue une préoccupation majeure des entreprises selon le Baromètre de l'Économie de la Chambre de Commerce du 1^{er} semestre 2023 ;

– que la Chambre des Métiers revendique l'attraction et la fidélisation des talents « artisanaux » dans un contexte de pénurie aigüe de main-d'œuvre qualifiée ;

– que des procédures complexes, des délais de traitement trop longs et des procédures non digitalisées peuvent être source d'incertitude pour les travailleur.se.s ainsi que les entreprises, et peuvent ainsi diminuer l'attractivité du Luxembourg,

invite le Gouvernement

– à continuer à simplifier les démarches dans le domaine de l'immigration professionnelle de ressortissant.e.s de pays tiers ;

– dans ce contexte,

• à créer la possibilité pour l'employeur.se d'introduire une demande de carte bleue européenne,

• à introduire la possibilité d'octroyer la carte bleue sur base d'une simple offre d'emploi ferme,

• à introduire le statut d'« employeur agréé » ;

– à faciliter le regroupement familial pour les ressortissant.e.s de pays tiers ;

– à faciliter la reconnaissance des diplômes ;

– à réduire la durée des procédures pour les permis de travail pour ressortissant.e.s de pays tiers ;

– à simplifier l'accès au marché du travail pour les demandeur.se.s de protection internationale, et, dans ce contexte, à permettre aux personnes en quête de protection d'accéder plus tôt au marché du travail et à étendre la validité de leur « autorisation d'occupation temporaire » à toute la durée de la procédure de protection et à tou.te.s les employeur.se.s du même secteur ;

– à numériser les procédures pour les permis de travail et à mettre en place un système de suivi qui fournit aux demandeur.se.s des informations actualisées sur l'état d'avancement de leur demande ;

– à mettre à disposition des informations et des documents de l'agence pour l'emploi et d'autres procédures liées à l'emploi en anglais ;

– à mettre en place une assistance technique pour les procédures de demande d'autorisation de séjour, tant pour les employeur.se.s que pour les bénéficiaires des autorisations.

(s.) Meris Sehic, Marc Baum, Dan Biancalana.

Motion 2

« relative à la création de nouvelles voies d'accès pour la migration professionnelle »

La Chambre des Députés,
considérant

– que le Luxembourg, pays d'immigration, profite énormément de l'immigration ;

– la pénurie de main-d'œuvre et le vieillissement de la population ;

– que le manque de talents constitue une préoccupation majeure des entreprises ;

– le besoin de créer de nouvelles opportunités pour les travailleur.se.s ressortissant.e.s de pays tiers dans les secteurs à bas et moyens salaires,

invite le Gouvernement

– à créer de nouvelles voies d'accès pour la migration professionnelle, notamment dans les secteurs à bas et moyens salaires ;

– dans ce contexte, à faciliter l'accès au marché du travail des ressortissant.e.s de pays tiers disposant d'un diplôme professionnel, voire de compétences professionnelles, ou susceptibles de suivre une formation professionnelle ;

– à flexibiliser la liste des métiers très en pénurie et ainsi abolir le test du marché du travail pour les ressortissant.e.s de pays tiers dans un plus grand nombre de secteurs économiques ;

– à s'engager au niveau de l'UE pour l'extension de l'immigration légale en provenance de pays tiers, par exemple par le biais du concept de migration circulaire qui permet une immigration limitée dans le temps en collaboration avec des pays partenaires.

(s.) Meris Sehic, Marc Baum, Dan Biancalana.

M. Claude Wiseler, Président | Selbstverständlech. Merci, Här Sehic.

M. Meris Sehic (déi gréng) | Merci, Här President.

Ech mengen, dass dat e ganz wichtige Sujet ass, mat deem mer eis haut beschäftegen. Fir dat ze illustréieren, eng Zuel: Eurostat huet berechent, dass mer all Joer an Europa 2 % Produktivitéit verléieren, well mer eng akut Penurie hu vu Main d'oeuvre a wichtigen ekonomesche Secteuren, an dowéinst ass do dréngenden Handlungsbedarf. An, ech mengen, ech freeë mech och op d'Diskussioun dann elo am weidere Verlaf an dann och am Kader vun de Motiouneen.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Sehic. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Goergen. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Och mir wäerten dës Blue Card, déi Vereinfachung virun allem, matstëmmen, well ..., an do ginn ech op e spezielle Marché an, wou ech och an der Kommissioun schonn driwwer geschwat hat, nämlech den IT-Bereich, deem dës Blue Card wäert zeguttkommen. Mir schwätzen allegueren ëmmer esou gären hei an der Chamber, dass mer soen: „Dat dote muss digitaliséiert ginn, dat dote muss informatesch herno ginn“, mee iergendwéi muss awer och een et virdu

programméieren an dat Ganzt emol ëmsetzen. An dës Vereinfachung bei der Blue Card ass elo eng Method, déi ee sech ka ginn, fir dass méi ITler, méi Informatiker heihinner kommen an d'Europäesch Unioun esou och stäerken. Well et muss een och do éierlech sinn: Aus eise Schoulen, an dat ass sécherlech e Versäumnis gewiescht, kommen net genuch Informatiker eraus, fir déi Digitaliséierung, déi d'EU an eist Land brauchen.

Lo ass een op de Wee gaangen, dass ee seet: „De Salaire geet vun 93.000 op 62.000 erof.“ Dat kann ee begreifen. Ech hunn dat an der Kommissioun och ugeschwat an ech krut jo och d'Antwort, dass dat virun allem eng Ufro gewiescht wär vun de Patronen a vum Marché, fir eben deementspriedend déi Leit heihinner ze kréien. Dat verstinn ech. Et misst een awer trotzdem no engem Joer kucken, wéi dat sech entwéckelt huet, net dass een herno eng ze staark Konkurrenzsituatioun kritt, eebe vun deenen, grad an der IT-Branche, wou déi Salären awer schnell iwwer 62.000 kënne steigen, par rapport zu deenen, déi hei duerch d'Schoule gaange sinn.

Et ass eis immens wichteg, dass d'Informatiker iwwert d'Blue Card kënne heihinner kommen, well déi Digitaliséierung wäert eis Europäesch Unioun souwéi Lëtzebuerg virubringen, an ech sinn iwwerzeugt: An den nächste Rieden hei vun de Politiker wäerte mer nach ganz oft héieren, wat alles muss digitaliséiert ginn.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Merci, Här President. Mat dësem Text kréien héich qualifizéiert Persounen aus Drëttstaaten, déi an Europa wëlle schaffen kommen, d'Liewen e bësse méi einfach gemaach. Dat ass am Resümee dat, wat déi europäesch Direktiv als Zil huet, déi mer haut mat dësem Gesetzesprojekt a Lëtzebuerger Recht ëmsetzen. Mir begreifen dat a wäerten dëse Projekt och matstëmmen. Mir begreifen dat virun allem am Sënn vun deene betraffene Persounen an hire Familljen, déi elo vill manner administrativ Schikanen hunn a méi Rechter kréien. Mir begreifen dat awer och am Sënn vun eiser gemeinsamer Zukunft, well Europa ass méi wéi jee op Wanderung ugewisen, wa mer eise Liewensstil erhalen an ausbaue wëllen. Europa brauch Wanderung, an net just am Bereich vun den héich qualifizéierte Persounen.

Ech muss zouginn, dass ech emol eng Kéier de Pragmatismus vun der Patronatskummer deelen. A gleëft mer, une fois n'est pas coutume, et fällt mer schwéier, dëse Saz iwwert d'Lëpsen ze kréien.

(Hilarité)

D'Chambre de Commerce weist an hirem Avis enger-säits drop hin, dass net just Héichqualifizierter, mee Aarbechter an alle Secteuren a bei alle Qualifikationsniveaue gebraucht ginn. Donieft hält si fest, dass d'Nationalitéit eigentlech just eng Nieweroll spillt. D'Politik gesäit dat jo bekanntermoossen net esou realistesch. Déi Mënschen aus Drëttstaaten, déi net d'Chance haten, en Unidiplom ze maachen, müssen hiert Liewen op d'Spill setzen, fir an Europa schaffen ze kënne. A vill vun hinne verléieren och dobäi hiert Liewen.

D'Europäesch Unioun bedreift eng extreem represiv Migrationspolitik géintiwwer vun deene Leit, gedriwwen vun enger irrationaler Antiimmigrationshysterie, déi jo mëttlerweil och déi etabliert Partei schéngt erfaasst ze hunn. Fir Mënsche mat

méi niddereger Qualifikatioun gi keng legal Immigrationsweeër opgemaach, an dat, obwuel déi allermeeschte Migrationsfuerscher genee dat säit Joerzénge fuerderen: e Scheema vun zirkulärer Migratioun, wou och Mënsche mat niddereger Qualifikatioun reegelméisseg enger bezuelter Aarbecht an Europa nogoen an tëschen duerch nees an hiert Heemechtsland zeréckgoe kënne, ganz legal, mat ordentlech Aarbechtskontrakt a sozialer Ofsécherung, ouni den Zwang, mussen an e Schlauchboot ze klammen oder an d'Clandestinitéit ze dauchen.

Här President, ech hu mech virunner averstane gewise mat der Patronatskummer. Dat war natierlech och just op engem Punkt. Well wann een dann e bësse weiderliest an hirem Avis, da stinn engem als Lénke ganz séier d'Hoer nees zu Bierg.

Fir kënne esou eng europäesch Blue Card zu Lëtzebuerg unzefroen, huet ee bis elo missen en Aarbechtskontrakt virweise mat enger Remuneration vun annerhalfe dem Duerchschnittsloun oder fir Informatiker ouni Unidiplom op d'mannst 1,2-mol den Duerchschnittsloun. D'Chambre de Commerce huet Ufank Februar an hirem Avis insistéiert, dass dee Seuil onbedéngt misst fir all Beruffer op eemol den Duerchschnittsloun erofgesat ginn. Ee Mount drop huet dann, wéi kann et anescht sinn, d'Regierung e Projet de règlement grand-ducal virgluecht, wou dann dee Wunsch vum Patronat och prompt erfëllt gëtt.

D'Argumentatioun vun der Chambre de Commerce muss ee sech awer emol op der Zong zergoe loosse, an ech zitieren: „Afin [...] de préserver [la] capacité [des entreprises luxembourgeoises] à recruter les profils dont elles ont besoin [...]“. Also fir eis Chancen ze erhéien, déi sougenannten Talenter, déi jo esou wichteg schéngen ze sinn, op Lëtzebuerg ze kréien, esou hir Logik, mussen d'Entreprises d'Méiglechkeet kréien, deenen Talenter manner héich Salären ze bezuelen. Aha. Dat ass natierlech Quatsch an dat funktionéiert och net! Mee dës Regierung ass jo zur Bauchriednerpopp vum Patronat ginn an dat ass leider zerstéieresch fir dat, wat eigentlech dëst Gesetz soll. Et geet hei dem Patronat drëms, dem indeschen Informatiker manner héich Paie mussen ze ginn an domadder och indirekt d'Lénk ze drécke vun den Informatiker mat EU-Nationalitéit. An dat ass genau dee Punkt, deen awer problematesch ass: déi lokal Aarbechtskraaft mat der globaler Aarbechtskraaft a Konkurrenz setzen, fir d'Lénk ze drécken. Dat dréit genau zu deem bronge Morast bäi, an deem déi europäesch Migrationspolitik am Moment feststécht.

Här President, dëst Gesetz, dat d'Chamber votéiert, ass e Fortschritt, an duerfir stëmme mer et. De Règlement grand-ducal vun der Regierung, iwwert dee kënne mer awer just de Kapp rëselen.

Ech soen Iech Merci.

M. David Wagner (déi Lénk) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum.

Dann hu mer d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

An dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Innenminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Léon Gloden, Ministre des Affaires intérieures | Merci, Här President. Merci dem Rapporteur, merci de Riedner a merci fir d'Unanimité fir dëse Projet, dee vun der viregter Regierung deponéiert ginn ass. Et ass vun alle Riedner gesot ginn: Lëtzebuerg ass eng oppen Economie. An et ass och op d'Geschicht

agaang gi vun der Immigratioun en relation mat eiser Wirtschaft, an dat ass och richtig, well dat, wat Lëtzebuerg haut ass, ass et och dank deene Leit, déi aus dem Ausland heihinner schaffe kumm sinn an och nach all Dag schaffen hei zu Lëtzebuerg.

Et ass och e puermol gesot ginn: Lëtzebuerg brauch qualifizéiert Aarbechtskräften. Mer liesen et all Dag an der Zeitung, mer kréien et all Dag vun de Secteure gesot, vun de Patronen: Mir hunn net genuch qualifizéiert, voire héich qualifizéiert Aarbechtskräften. An duerfir ass dës Projet de loi och esou wichteg, mat deem mer eng Direktiv ëmsetzen, e bëssen ze spéit scho bal, mee mir setze se ëm. Dat ass dat wichtegst Signal, fir eeben déi nei Carte bleue hei an d'Lëtzebuergesch Gesetzgebung anzeféieren.

An an deem Kontext beweege mer eis och bei der Talentattraction – e Mot d'ordre, dee sech och dës Regierung an de Koalitiounsaccord geschriwwen huet – a mir wäerten och weider als Regierung do-runner schaffen.

Fläicht e puer Zuelen zu den ausgestallte Carte-bleue bis elo. 2018 waren et der 511. 2019 waren et der 662. 2020 waren et der 448. 2021 waren et der 653. 2022 waren et der 914 an 2023 waren et der 797.

Ech wëll net méi op all d'Konditiounen agoen, déi ee muss erfëllen, just esou vill: Jo, mir hu bewosst de Seuil vum Salaire erofgesat, fir et eebe grad méi einfach ze maachen, fir qualifizéiert Personal, qualifizéiert Leit hei op Lëtzebuerg ze kréien. Dat wäert nach eng Kéier zur Talentattraction an zum Standuert Lëtzebuerg bäidroen an et ass och wichteg, an dat ass och vum Rapporteur gesot ginn, datt d'Beneficiairë vun der Protection internationale, d'BPIn, an Zukunft och kënnen esou eng Carte bleue ufroen.

Zu dem Punkt iwwert den Employeur agréé wëll ech soen, datt dat bewosst net agefuert ginn ass, well et komplex ass. Awer an der Praxis – wëll ech och hei ënnersträichen – kann e Patron scho mam Contresing vum Employé eng Demande eraginn. An et ass och e puermol ugeschwat ginn, fir ze kucken, eng Evaluatioun no e puer Joer ze maachen. Och deem sinn ech favorabel.

Mat dësem Projet de loi gi mer also e weidere Schrëtt bei der Talentattraction a sécheren de Standuert Lëtzebuerg of. Merci fir déi breet Zoustëmmung. Ech kann nach net zur Motioun schwätzen, ech hu se elo just kritt. Ech muss se mol liesen. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Ech soen der Regierung Merci. Domat wär dann d'Diskussioun ofgeschloss.

An éier mer elo zum Vott kommen, géif ech Iech nach eng Kéier drun erënneren, Iech an Äre Posten anzeleggen, fir déi, déi et nach net gemaach hätten. Wann dat elo gemaach ass, da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8304. Den Text steet am Document parlementaire 8304⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8304 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. Nach e klengen Effort beim Vote par procuration, da si mer esouwäit. Bon, ok, ech schléissen de Vott of.

D'Resultat vum Vott ass: 59 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmmen, keng Abstentioun. Dës Projet de loi ass also ugehall mat 59 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 8304 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen (par M. André Bauler), MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par M. Fernand Etgen), Lydie Polfer (par M. Guy Arendt) et M. Gérard Schockmel;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Cloesener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Joëlle Welfring) et Joëlle Welfring;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Motions

Ech hunn elo nach hei zwou Motiounen vum Här Sehovic leien. Normalerweis gesäit eist Reglement vir, datt d'Schwätzzeit och dat muss abegraifen, wat zu de Motiounen gesot gëtt. Vu datt den Här Sehovic dann nach 13 Sekonnen hatt ...

(Hilarité)

... an d'DP nach eng Sekonn, fir drop ze äntweren, mengen ech, sinn ech liicht méi large an der Interpretatioun vum Reglement. Här Sehovic, Dir wollt trotzdem nach kuerz eppes zu Ärer éischter an Ärer zweeter Motioun soen.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Merci, Här President, fir Är Kulanz. Dir mengt et ganz gutt mat mer.

(Hilarité)

Ganz kuerz: Et sinn zwou Motiounen. Déi eng bezitt sech wierklech op déi bestoend Prozeduren, notament am Kader vum der Carte bleue européenne. D'Fuerderung, wou mir eis eigentlech deem ralliéieren, wat d'Chambre de Commerce och gefrot huet, fir och dem Employeur d'Méiglechkeet ze ginn, fir Demanden anzerechen, fir d'Méiglechkeet ze schaffen, fir eng Demande de carte bleue ze maachen op Basis vum enger Offre ferme d'emploi a fir awer de Statut vum Employeur agréé ze schafen. Ech héieren den Här Minister, dass dat eng komplex Matière ass. Ech traue em awer zou, dass en dat géng packen, wann de Wëllen do wär. An ech mengen, dass et eng weesentlech Verbesserung awer wär, well mer den Employeur géinge responsabiliséieren an doduerch och géinge wierklech eng Simplificatioun vun der Prozedur hikréien.

Doriwwer eraus d'Fuerderung no Vereinfachung vum Regroupement familial, no der Vereinfachung och vun der Reconnaissance vun den Diplomer, déi haut oft nach eng Barriär ass, fir d'Durée vun de Prozeduren ze verkierzen a fir awer och weider den Accès vum Demandeurs de protection internationale, also vun DPIn, op den Aarbechtsmarché ze vereinfachen, d'Digitaliséierung vun de Prozeduren ze

maachen, d'Informatioun ze verbesseren, well mer de Constat gemaach hunn, datt vill Informatiounen op Franséisch verfügbar sinn, awer net op Englesch – ech mengen, dass dat eppes wär, wat ee séier kéint besser maachen –, an dann awer och eng Assistance technique anzeféieren, souwuel fir d'Employéé wéi och fir d'Employeurs, fir einfach besser kënnen duerch déi ganz Prozedur ze kommen.

Ech hu mech bei där heiter Motioun a ganz wäiten Deeler op den Avis vum der Chambre de Commerce baséiert, dat wëll ech ganz kloer soen, a wat déi aner Fuerderungen ugeet, sinn dat awer Saachen, déi ech esou oder esou änlech och am Koalitiounsaccord fonnt hunn. An an deem Sënn hoffen ech alt, dass mer vläicht eng Majoritéit hikiréien.

Bei där zweeter geet et ëm nei Weeër. Ech hunn et virdu gesot, mir hunn zu Lëtzebuerg eng Hellewull vu Regimier, déi sech awer leider alleguerten op de Beräich vun den héich qualifizéierten Aarbechterinnen an Aarbechter fokaliséieren. Et ass virdu ugeklungen: Et ass justement de Mangel u legale Migratiounsweeër, dee mécht, dass Mënsche sech a Gefor bréngen, sech a Booter setzen, an iwwerfëllte Booter setzen an iwwert d'Mittelmier ukommen. Dowéinst en dréngenden Appell, dass mer weiderfueren a weider nei legal Migratiounsweeër schafen. Notament awer och – an dat, mengen ech, ass zu Lëtzebuerg jo eng Evidenz – net nëmmen am Beräich vun den héije Salären a vun den héije Qualifikatiounen, well mir wësse jo awer alleguerten, dass eis Économie, grad eis Lëtzebuergesch Économie net just eng Penurie huet an deene Secteuren, mee och a ganz anere Secteuren, an deem musse mer dréngend Rechnung droen. Doriwwer eraus d'Fuerderung, dass d'Regierung sech och op europäeschem Niveau setzt fir d'Schafung vun neie legale Migratiounsweeër. Dee Modell, dee mir proposéieren, ass zum Beispill dee vun der Migration circulaire, wou een op eng gewëssen Dauer befrist eigentlech seet: „De legale Wee ass op an op eng gewëssen Dauer limitéiert.“

Ech bieden ëm Är Ënnerstëtzung an ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Sou. Villmools merci, Här Sehovic. Dir hutt elo Är zwou Motiounen erkläert.

Motion 1

Mir kommen awer elo an der Uerdnung op déi éischt fir d'éischt zrëck. Wie wëllt zu där éischter Motioun d'Wuert huelen? Ech gesinn den Här Lies, den Här Kartheiser, den Här Biancalana, den Här Goergen. Da fänke mer u mam Här Lies. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Lies (CSV), rapporteur | Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. Ech soen och dem Här Sehovic Merci, fir dës Motioun eranzerechen, och de Contresignatairen. Bon, ech mengen, dës Projet de loi ass nach d'lescht Joer eragereecht gi vun deem deemolegen Immigrationsminister. Mir haten och eng zeg Kommissiounsarבעchten an deene leschte Wochen a méint, wou och heiriwwer diskutéiert ginn ass, wou dee ganze Pak presentéiert ginn ass, och erkläert ginn ass vun den zoustännige Beamten. Bon, ech mengen, do sinn déi Revendicatiounen net gestallt ginn an deem Mooss an den Här Minister huet jo och gesot, datt hie bereet ass, eng gewësse Reevaluatioun no enger gewëssener Zäiten ze maachen an, ech mengen, dat ass genau dee richtige Wee. An duerfir géif ech proposéieren respektiv soen, datt d'CSV-Fraktioun dës Motioun net wäert matstëmmen.

Merçi.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Lies. Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo. Merci, Här President. Dat heiten ass wierklech, fannen ech, eng ganz

flott Initiativ vun deene Gréngen, well se villes weist, wat hei an der Politick muss beschwat ginn. Hei gëtt emol fir d'éischt pauschal behaupt, datt mer vun der Immigratioun profitéieren. Dat ass ganz sécher zu engem groussen Deel wouer. Virdrun ass iwwer eis portugisesch Matbierger geschwat ginn an aner Modellen. Et ass ouni Zweifel e grouss Succès. Awer net all Immigratioun ass eng Immigratioun, vun där mir musse profitéieren. Dat géif ech emol vill méi differenziéiert gesinn.

Da gëtt hei opmierksam gemaach op de Vieillissement de la population, datt mer dowéinst Immigratioun brauchen. Eis Äntwert ass emol eng gutt Familljepolitick! Wa mer d'Famillje géife stäipen, dann hätte mer och eng aner Demografie hei am Land.

Dann ass och emol ze soen, datt et absolutt legitim ass, datt e Staat eraussicht, wien op sengem Territoire kann ënner wéi enge Konditiounen liewen. Mir hu Staaten hei an der Welt, déi mer all kennen, déi d'Immigratioun iwwer e Punktesystem regléieren. Dat ass absolutt legitim. All Staat huet dat Recht, ze decidéieren, wien do ka liewen. A kee Staat huet eng Obligatioun, fir jiddereen opzehuelen, dee wëll an deem Land liewen. Och dat muss ee ganz kloer soen.

Mee wat hei eigentlech d'Konsequenz ass vun deene Propositionen vun LSAP, Gréng – a wien huet et nach ënnerschriwwen? –, dat ass einfach, datt hei soll eng Konkurrenz, eng sozial Konkurrenz geschaf gi fir déi sozial Schwaach. Well d'Konsequenz heivun ass ... Et sinn ausgerechent déi lénks Parteien, déi sech op de Fändel schreiwen, si géifen antriede fir déi sozial Benodelegt, fir déi sozial Schwaach, déi hei eng Immigratioun wëlle favoriséieren, déi am Logement, um Aarbechtsmaart ausgerechent géif d'Situatioun vun deene sozial Schwaachen hei am Land nach verschärfen. Dat ass d'Konsequenz!

Mir hunn hei viru Kuerzem eng Question parlementaire gehat, wou erauskoum, datt e groussen Deel vum Chômage hei am Land zum Beispill déi Kategorie ass vun Awanderung, déi keng vun de Sproochen vum Land schwätzen. An dat ass och den Ënnerschied tëscht enger Approche vun enger Chambre de Commerce, déi mat Recht ..., a si ass an hirem Recht, wa se seet: „Mir brauchen och déi an déi Kategorie vu Leit.“

D'Politick ass awer net d'Chambre de Commerce! Mir müssen och aner Saachen kucken! Mir müssen eebe just zum Beispill no deene sozial Schwaache kucken! Mir müssen d'Perspektive vun der Integratioun hei am Land kucken an nach esou vill aner Saachen!

An dofir kënne mir als Politick net eent zu eent iwwerhuelen, wat elo d'Analys vun der Chambre de Commerce ass, wéi awer hei eis Kollege vun deene signataire Parteien dat hei wëlle maachen ...

(Coups de cloche de la présidence)

... well et se grad opportunistesch arrangéiert.

Mir als ADR stëmmen dat hei net mat, well et ass net am Interessi vum Land, et ass net am Interessi vun deene sozial Schwaachen.

Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Kartheiser.
(Interruption)

Här Biancalana, et ass un Iech.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Bon, mir droen als LSAP dës Motioun mat.

Ech mengen, d'Diskussioun, déi mer de Mëtten hei haten, ass, nieft de besteeënde Prozeduren, déi mer

hei adoptéiert hunn duerch e Gesetz, iwwert dës Motioun ze probéieren, weider Hëllefstellungen ze ginn, d'Simplification administrative weiderzeféieren, weider legal Méiglechkeeten ze schafen am Kader vun der Carte bleue.

An ech mengen, dass dat an deem Sënn och ganz positiv ass, mat deene Méiglechkeeten, déi hei kéinte geschaf ginn. Dofir och d'Invitten, déi un d'Regierung ginn, dat effektiv och weider ze préieren. An ech mengen, dat ass och an deem Sënn begrëssenswäert. An dofir ënnerstëtze mer se ganz kloer.

Net d'accord si mer awer mat den Ausleeungen hei vum Här Kartheiser! Et gëtt awer, mengen ech, eng Plus-value tëscht Migratioun an Economie, um Niveau vun der sozialer Kohäsion, an och historesch gesinn um Niveau hei vum Land.

A mir gesinn effektiv d'Migratioun als eng Plus-value hei am Land, an net als eng Gefor.

Une voix | Très bien!

M. Dan Biancalana (LSAP) | A mir sinn net déi an dësem Haus – déi Parteien, déi et mat ënnerschriwwen hunn, an ech hoffen, dass aner Parteie sech och nach do ralliéieren –, déi d'Migratioun als eng Gefor gesinn an déi Ängschten schüren, esou wéi d'ADR dat hei gemaach huet!

Plusieurs voix | Très bien!

M. Dan Biancalana (LSAP) | Dat ass de klassesche Modell, wéi d'ADR funktionéiert, fir ee géint deen aneren auszespillen, déi Schwaach an der Gesellschaft géint déi manner Schwaach an eiser Gesellschaft. Dat droe mer op alle Fall definitiv net mat, mee dës Motioun op alle Fall!

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Biancalana. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Och mir wäerten dës Motioun matdroen. Et ass awer ee Punkt dran, wou der geschriwwen hutt, Agence pour l'emploi, dass do net alles op Englesch wär. Mir haten elo schnell gekuckt, eigentlech fir déi ze luewen: Si hu scho ganz villes op Englesch.

(Interruption)

Also et ass wierklech schon esou, dass een do alles fënnt. Et ass elo net fir ze soen, dass do bei der ADEM an de leschte Joren näischt geschitt wär, wat Englesch gewiescht wär. Mir wollten dat elo schnell hei checken. Et ass just nach e kleng Feeler, dass op där enger Säit Lëtzebuergesch steet, wou Englesch sollt sinn. Mee fir de Rescht leeft dat awer.

Mir sinn och mat Iech averstane mat de Constaten, an ech kann och dem Dan Biancalana nëmmen zoustëmme bei deem, wat en elo grad gesot huet zum Virriedner. Deementspriedend wäerte mir se matstëmme.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. Här Sehovic, am Fong hutt der ...

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Fait personnel!

M. Claude Wiseler, Président | ... guer keng Zäit méi. Ech gesinn awer elo absolutt net, wou e Fait personnel hei ...

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Den Här Kartheiser hat mech ernimmt.

M. Claude Wiseler, Président | Do musst der awer scho wäit siche goen.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Mee et wonnert mech awer, Här President ...

M. François Bausch (déi gréng) | Beim Här Kartheiser fanne mir ëmmer e Fait personnel, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Jo.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Et wonnert mech eigentlech ...

M. Claude Wiseler, Président | Den Här Kartheiser fënnt och ëmmer ee bei Iech an dat ass eebe genau, wat net geet.

(Hilarité)

Dofir hutt der elo 15 Sekonnen. An dann ...

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Här President, et wonnert mech guer net, déi Derive hei vum Här Kartheiser.

M. Claude Wiseler, Président | Nee.

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Dat ass nämlech ganz kloer. Iech arrangéiert dee System, esou wéi en elo ass. Dir wëllt eebe keng legal Migratiounsweeër, well dee Chaos an dat Stierwen am Mëttelmier ...

(Coups de cloche de la présidence)

M. Claude Wiseler, Président | Sou, Här Sehovic.

Plusieurs voix | O!

M. Meris Sehovic (déi gréng) | ... Iech arrangéiert an Iech d'Billen mécht, fir Är Politick ze maachen.

(Interruption)

M. Claude Wiseler, Président | Ech mengen, mir hunn ...

M. Meris Sehovic (déi gréng) | An dowéinst sidd der géint legal Migratiounsweeër!

(Interruption)

M. Claude Wiseler, Président | Här Sehovic, et ass ...

M. Meris Sehovic (déi gréng) | Dir blockéiert déi dowéinst!

(Interruption)

M. Claude Wiseler, Président | Voilà! Elo sinn deem enge säi Standpunkt an deem anere säi Standpunkt, mengen ech, kloer. Ech ginn dem Här Kartheiser och nach eng Kéier 15 Sekonnen. Mee ech soen Iech: Et ass ganz kuerz, Här Kartheiser!

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Här Kartheiser, dofir ginn ech jo Iech elo d'Wuert, a ganz kuerz.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ech probéieren, dat op engem Toun ze halen, deen awer der Dignitéit vun dësem héijen Haus entsprécht.

(Hilarité et interruption)

Ech géif, ech géif Iech just drun erënneren, Här Sehovic ...

M. Claude Wiseler, Président | Wannechgelift!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | ... datt déi Immigratiounspolitick, déi mir haut hei stëmmen, vun eis matgedroe gëtt, well mer eeben och legal – legal! – Immigratioun begrëssen.

A wat d'Stierwen am Mëttelmier ugeet, si mir absolutt fir eng Séinoutrettung – dat ass emol dat Alleréischte –, déi d'Leit an deen éischte sécheren Hafen zrëckbréngt.

Une voix | Voilà!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dee kann och an Afrika sinn, dee muss net an Europa sinn. A mir ...

(Interruption par Mme Liz Braz)

Dat ass esou, dat ass och internationaalt Séirecht. Esou ass dat gereegelt a mir hunn ni eng Politick

bedriwwen, déi Leit géif op Schëffer bréngen oder Schleiser encouragéieren.

Ech mengen, déi gréng misste sech déi Froe stellen, genau déi, déi Dir eis hei zu Onrecht virwerft.

Merci.

M. Fred Keup (ADR) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Kartheiser. Domat ass dës Diskussioun iwwert déi Motioun ofgeschloss.

Vote sur la motion 1

Ech maachen de Vott op fir d'Motioun Nummer 1 vun dem Här Sehovic. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Fin du vote.

D'Resultat vum Vott ass: 20 Jo-Stëmme, 40 Nee-Stëmme bei kenger Abstentiuon. Dës Motioun ass also mat 40 Nee-Stëmme ofgeleent.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par Mme Taina Bofferding), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Joëlle Welfring) et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par M. André Bauler), Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Motion 2

An da komme mer zur zweeter Motioun vum Här Sehovic, déi den Här Sehovic schonn erkläert huet.

Wie wëllt dozou d'Wuert huelen? Den Här Lies, gesinn ech elo emol, den Här Goergen, den Här Biancalana. Ok, Här Lies, fänkt Dir un!

M. Marc Lies (CSV), rapporteur | Jo, merci, Här President, och fir d'Wuert zu dëser zweeter Motioun.

Bon, an dëser zweeter Motioun, do gëtt gefuerdert, fir dann effektiv „notamment dans le secteur de bas à moyen salaire“, fir dat ze vereinfachen. Bon, hei kënnt dee fachlechen Term, Begrëff fir dës Motioun: dat ass „superfetatoire“, vu datt d'lescht Joer schonn eng Prozedur agefouert ginn ass fir deen einfachen Travailleur, fir dat ze vereinfachen „en cas de pénurie“ vun der Main-d'oeuvre. Duerfir ass dës Motioun superfetatoire. An duerfir proposéieren ech, se net matzestëmme.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Lies. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Mir wäerten eis hei enthalten. Ech verstinn d'Iwwerleeung, fir do, wou Aarbechtskräfte gebraucht ginn, och nach opzemaachen.

Op där anerer Säit ass et awer esou, dass mer géifen e falscht Versprieche ginn, wa mer elo soe „bas salaire à moyen salaire“, wann een do herno Versprieche géif no bausse ginn – dat wär net fair –, dass een domat zu Lëtzebuerg kéint iwwerliewen. Dat wär u sech déi Leit éischter ausgenotzt, wéi dass een hinne géif an der Immigratioun hëllefen.

Dofir gesi mer et schwiereg, wa mer op déi Bas-Salaren herno ginn, well déi Leit et net esou einfach wäerten hunn, wa se dann eng Blue Card géife kréien, déi deementspriedend ass, awer de Salaire net deementspriedend ass. An duerfir gesi mer et e bësse méi kriddeleg.

Mir verstinn awer d'Approche, dass e Manktum un Aarbechtskraaft do ass. Mee ob een dat muss esou léisen iwwert de bas Salaire, ass eng ganz aner Diskussioun.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. Här Biancalana.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. D'Gesetz, dat mer hei gestëmmt hunn, ass jo fir Carte-bleuë fir héich qualifizéiert Fachkräften, déi dann och méi héich Salaren hunn, fir deenen effektiv nei Méiglechkeeten ze ginn.

Ech mengen, mir ënnerstëtzen déi Motioun, well mer hei dann op de Wee wëlle goen, den Accès zu der Carte bleue och deenen ze erméiglechen, och nei legal Weeër ze schafe fir Leit, déi manner héich Qualifikatiounen hunn an deementspriedend och aner Salaren hunn an awer Salaren hunn, déi sech an dësem Lëtzebuurger nationale Kader och deementspriedend erëmfannen. An dofir ënnerstëtze mer se.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Biancalana. Ech gesinn elo keng aner Wuertmeldung zu dësem Sujet.

Da géif ech dës Motioun zum Vott stellen.

Vote sur la motion 2

De Vott ass op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 17 Jo-Stëmme, 40 Nee-Stëmme an 3 Abstentiuonen. Déi Motioun ass also ofgeleent mat 40 Nee-Stëmme géint 17 Jo-Stëmme bā 3 Abstentiuonen. An domat wär dës Punkt dann ofgeschloss.

Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par Mme Taina Bofferding), M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Joëlle Welfring) et Joëlle Welfring ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par M. André Bauler), Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori.

4. Question élargie n° 8 de M. Marc Goergen relative aux Medium Earth Orbit Global Services (MGS)

An da géife mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, dat ass déi erweidert Fro Nummer 8 vum Här Marc Goergen iwwert d'Medium Earth Orbit Global Services, genannt MGS. Den Auteur vun der Fro huet 5 Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen, also 5 Minutten am Gesamten. Der Regierung stinn 10 Minutten zou fir ze äntweren. An den Här Goergen huet d'Wuert. Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Meng Fro dréit sech ëm e Satellitt, un dee warscheinlech vill Leit heibanne sech nach kënne erënneren. Et war de Gesetzesprojet am Mee d'lescht Joer. Dat heescht, all déi, déi schonn an der leschter Period hei waren, hunn en, mengen ech, alleguerter souguer matgestëmmt. Et geet ëm de Medium Earth Orbit Global Services. Kuerz erkläert: Et ass dës Kéier kee Satellitt, deen de Lëtzebuurger Staat deemools selwer kaf hätt a selwer géng an d'Luucht schéissen, mee et ass dorëms gaangen, dass een a Kooperatioun mat der SES géng d'Kommunikatioun kafen.

An deemools wéi och haut wär dat immens wichteg fir d'Ukrain, well dës Satellitt am Géigesaz zu anere Systemer vun SES, déi am Moment och schonn an der Luucht sinn, och an der Ukrain géng Kommunikatioun erméiglechen.

An dofir hunn ech och dës Fro haut nach eng Kéier gestallt, well et fir eis immens dréngend ass, dass dës Satellitt fonctionéiert.

Am Moment ass et esou, dass déi ukrainesch Arméi drop ugewisen ass, dass se d'Kommunikatioun kann oprechterhalen, eng sécher Kommunikatioun, wou d'Russen net onbedéngt direkt wëssen, wat geschwat oder iwwerdree gëtt. Deementspriedend ass dat heiten déi Technik, déi hinne déi Léisung kéint bréngen.

Et ass awer och esou, dass vun Ufank un, wéi de Konflikt ugefaangen huet, den Elon Musk deemools d'Kommunikatioun zur Verfügung gestallt huet. Do kann een elo kritesch derzou stoen, wéi mir et maachen. Et ass esou, dass deementspriedend duerno d'NATO, an och an der Verflüchtung mat Lëtzebuerg, dës Satellitt an Optrag ginn huet, deen dem Elon Musk seng Technik soll ofléisen. Well och wann een do ganz vill Vertrauen huet, weess ee jo awer net, ob et déi selwecht Sécherheet ass wéi wann elo mir als Staat der NATO déi Kapazitéit zur Verfügung stellen.

An hei ass e Satellitt, deen immens wichteg ass, fir dass d'Ukrain dës Krich ka gewannen. Et ass d'Kommunikatioun, déi ausschlaggebend ass, wéi herno dës Krich wäert verlafen.

A mir kruten deemools ... Dee Satellitt, dee mir als Piraten och matgestëmmt hunn ... Et war, wéi gesot, deen eenzege Satellitt, dee mer matgestëmmt hunn, mee de Projet war zumindest seriö ausgeschafft a seriö presentéiert ginn. Mir kruten och an der Chamber hei – an ech hunn dat an de Rapporten nogelies, och an de Rieden nogelies – versprach, dass en Dezember lescht Joer sollt fonctionéieren. An dofir sinn ech nämlech zu dëser Fro komm, well et ass mir zougedroe ginn, an ech hat dat och schonn eng Kéier ugeschwat an enger Kommissioun, dass dës Satellitt leider nach ëmmer net am Orbit ass an